ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wéi mir vum Terrain zougedroe gouf, kruten déi fräiberufflech Infirmière bis lo nach keng Invitatioun fir d'COVID-Impfung geschéckt, obwuel d'Leit aus de Gesondheetsberuffer bei der Impfung solle prioritär behandelt ginn.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Wéi begrënnt sech des Differenzéierung ënnerhalb vun dëser sou wichteger Beruffsgrupp?
2) Bis wéini sollen déi fräiberufflech Infirmièren hir Invitatioun fir d'Impfung kréien?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten